N°4122
Entrée le 19.06.2026
Chambre des Députés

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère des Affaires intérieures

**Gemeinsam Äntwert vum Här Inneminister, Léon Gloden an vun der Madamm Justizministesch, Elisabeth Margue op d'parlamentaresch Fro N° 4122 vum 21. Mee 2026 vum honorabelen Deputéierten Marc Goergen zum Sujet "Criminalité à Remich".**

Dës Regierung ass ugetrueden, fir d'Police erëm méi no bei d'Leit ze bréngen, fir d'Sécherheet ze verbesseren an d'Sécherheetsgefill vun de Leit ze stäerken. Si huet sech engagéiert, nieft der Justiz, och der Police déi néideg Mëttel, notamment a virun allem genuch Personal zur Verfügung ze stelle nom Prinzip vun de « 4P »: méi Personal bedeit méi Präsenz um Terrain, méi Proximitéit zum Bierger a méi Präventioun. Séit Ufank Mee dëst Joer huet d'Police 3.600 Memberen an de massive Recrutement gëtt och an Zukunft weidergefouert.

Mir ginn der Police och déi néideg rechtlech Moyene fir d'Sécherheet vun de Bierger ze verbesseren an zitéieren do de Platzverweis renforcé, eng vereinfacht Visupolprozedur, den ANPR System souwéi och eng verstäerkt Kooperatioun mat der Police an eisen Nopeschstaten.

1. **Wéi huet sech d'Zuel vun den Delikter zu Réimech zënter 2022 entwéckelt, notamment bei:**
   - **Abréch,**
   - **Vandalismus,**
   - **Kierperverletzungen,**
   - **Volen,**
   - **Drogendelikter?**

D'Tabell vun der Police hei drënner weist d'Zuele vun den enregistréierte Faiten zu Réimech zënter 2022, esou wéi de Prozentsaz par rapport zur Gesamtzuel vun enregistréierte Faiten um nationalen Niveau :

| **Gemeng Réimech** | **2022** | **2023** | **2024** | **2025** |
|---|---|---|---|---|
| **Abrochversich** | 17 *(0,9155%)* | 9 *(0,4865%)* | 4 *(0,2245%)* | 13 *(0,7332%)* |
| **Abrochdiebstiel** | 12 *(0,5374%)* | 16 *(0,7537%)* | 11 *(0,5405%)* | 11 *(0,5405%)* |
| **Vandalismus (Zerstéierung, Beschiedegungen, Schied)** | 39 *(0,7900%)* | 37 *(0,7306%)* | 36 *(0,6979%)* | 42 *(0,8320%)* |
| **Absichtlech Kierperverletzungen** | 17 *(0,5091%)* | 26 *(0,6924%)* | 33 *(0,8333%)* | 30 *(0,7297%)* |
| **Déifställ a Gewalt** | 4 *(0,6135%)* | 0 *p.m.* | 3 *(0,5367%)* | 1 *(0,1368%)* |
| **Déifställ** | 112 *(0,6886%)* | 68 *(0,3695%)* | 84 *(0,4609%)* | 113 *(0,5551%)* |
| **Drogendelikter** | 5 *(0,1394%)* | 14 *(0,4474%)* | 6 *(0,2137%)* | 9 *(0,4491%)* |

**2. Wéi bewäerten d'Police- a Justizautoritéiten d'Sécherheetssituatioun zu Réimech am Verglach mat anere Grenzgemengen?**

D'Sécherheetssituatioun an der Stad Réimech bleift onverännert gutt. D'Police steet am reegelméissegen Austausch mat der Stad an den Awunner. An de rezente Comités de prévention tëscht der Police an de lokalen Autoritéiten, goufen der Police keng substanziell Doleancen an deem Sënn matgedeelt.

Am Kader vun der muttwëlleger Zerstéierung an dem Vandalismus um Boot „Klenge Prënz" gouf eng Plainte deposéiert.

Am Beräich vun den Abréch bleift d'Situatioun iwwer déi lescht Jore relativ konstant, mat Ausnam vum Joer 2024, wou allgemeng d'Abréch an der Regioun Schengen-Munneref-Réimech souguer zeréck gaange sinn. Wat Déifställ am Allgemengen uginn, ass Réimech ganz kloer net méi impaktéiert wéi aner Gemenge laanscht d'Musel. Einfach Déifställ gi gréisstendeels iwwert d'E-Kommissariat opgeholl (zB. Bensinn deen net bezuelt gëtt) a si manner frequent zu Réimech wéi an de Nopeschgemengen. Bei der Unzuel vun Déifställ a Butteker läit Réimech am Mëttelfeld par rapport zu anere Grenzgemengen.

Wann ee méi wäit am Detail kuckt wéi et den honorabelen Deputéierte freet, stellt ee fest, dass d'Phänomen vun de 'Klenscherten', also Leit, déi systematesch vun Auto zu Auto ginn an un den Diergréffer („Klenschen") zéien, fir ze kucken ob e Gefier opgespaart ass a Géigestänn klauen, zu Réimech zwar och präsent ass, mee an engem méi geréngen Ausmooss wéi an aner Gemenge laanscht d'Musel.

Déi festgestallte Fäll déi Drogen implizéiere beschränken sech meeschtens op de Konsum oder de Besëtz vu klenge Quantitéite fir de perséinleche Gebrauch. Wat d'Jugend an d'ëffentlech Uerdnung ugeet, komme vereenzelt Konfrontatiounen tëscht Jugendlechen am ëffentleche Raum vir.

D'Police kontrolléiert reegelméisseg d'Etablissementer an intervenéiert am Kader vun hirer regulärer Kontroll- a Preventiounsaarbecht. Am Kontext vun der saisonaler Attraktivitéit vun der Gemeng, besonnesch an de Summerméint, kann et vereenzelt zu Stéierunge vun der ëffentlecher Uerdnung kommen, déi am Kader vun den etabléierte Police-Moossnamen traitéiert ginn.

**3. Goufen zousätzlech Policekontrollen, Präventiounsmesuren oder aner konkret Mesurë fir Réimech an d'Muselregioun decidéiert oder geplangt?**

D'Policepresenz gëtt permanent un d'Sécherheetslag an déi konkret Besoine vun de verschiddene Gemengen ugepasst. Et sief an dësem Kontext op de positive Bilan vum Pilotprojet vun der Police locale Museldall verwisen, deen den 28. Januar 2026 an der Chamberskommissioun presentéiert ginn ass.

Wärend de Summervakanz ginn d'Patrullen an de Beräicher mat héijer Frequentatioun, wéi Parken, Spor tinfrastrukturen an am Zentrum vu Réimech, verstäerkt, souwuel duerch Patrulle mam Déngschtwon wéi och ze Fouss.

Nieft der regulärer Policepresenz ginn och verschidde Preventiounsmesuren ëmgesat. Am Beräich vun der Abrochpreventioun organiséieren d'Gemengen zesumme mat der Police Informatiounsowender fir

d'Bierger. Esou Manifestatioune goufen de 19. Mee 2026 zu Duelem a Munneref ofgehalen; weider Informatiounsowender si fir dëst Joer zu Réimech a Schengen virgesinn. Zousätzlech sinn op de Gemengeverwaltungen Informatiounsmaterialie vum Service national de prévention de la criminalité (SNPC) disponibel.

Am Beräich vun der Jugendpreventioun steet de Service de prévention et instruction routière (PIR) a reegelméissegem Kontakt mat de Schoulen, dem Léierpersonal an de Jugendstrukturen, wou Gewalt bei a mat der Jugend thematiséiert gëtt. D'Police engagéiert sech och am Kader vum „Séchere Schoulwee", wou op d'mannst eemol d'Woch Kontrollen am Ëmfeld vun de Schoulen duerchgefouert ginn.

Besonnesch Opmierksamkeet gëtt och op d'Mikromobilitéit geluecht, kleng Mobilitéitsmëttel déi kompakt, liicht an dacks elektrifizéiert sinn an haaptsächlech fir kuerz Distanzen agesat ginn. Nieft Sensibiliséierungsaktioune ginn zousätzlech Kontrollen am Beräich vun den E-Trottinetten op an ëm d'Réimecher Gare Routière duerchgefouert.

Dës Mesurë ginn der Entwécklung vun der Situatioun um Terrain ugepasst a sinn Deel vun de lokale Prioritéiten am Beräich vun der Sécherheet a Präventioun, déi reegelméisseg an de Comités de prévention tëscht der Police an de lokalen Autoritéiten thematiséiert ginn.

Lëtzebuerg, den 19. Juni 2026
Den Inneminister,
(s.) Léon Gloden